Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Am Plan National de Mobilité 2035 (PNM2035) ass an der franséischer Versioun op de Säite 54 a 56 op engem sommairen Diagramm eng zousätzlech Tramslinn laanscht de Stadpark duerch Neipuertsgaass Richtung Centre Hamilius agezeechent. Ausser deenen 2 zitéierten Diagramme fënnt sech awer weder eng Informatioun iwwert de genaue Verlaf vun dëser Linn nach iwwert déi néideg domat verbonnen eventuell Transformatiounen. (*Den Tram muss emol an de Bvd Royal erandréien an emol an Avenue Emile Reuter an duerfir warscheinlech op mannst emol Säit wiessele fir Kéier ze kréien, woumat en da géif mat der entgéintkommender Busspuer um Bvd Royal kollidéieren. Dofir ass dës Informatioun wichteg fir op engem Plang kënnen nozemoossen.)*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi, wou an op wat fir eng Manéier soll dat Deelsték laanscht de Park duerch Neipuertsgaass mat der bestoender Tramslinn verbonne ginn?
2. Wéi grouss ass den néideg Radius (a Meter) fir dat den Tram eng 45° Kéier ka maachen ?
3. Sinn zousätzlech Arrêten um Deelsték virgesinn? Wa jo, wou an op wéi enger Säit vun der betraffener Strooss?
4. Wat geschitt mam Foussgänger- a Vëloswee vum Parc Pescatore eriwwer an de Stater Parc? Kommen do Verkéiersampelen hin?
5. Wär et méiglech Asiicht a méi präzis Pläng vun dem Projet ze kréien ? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten